ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Viru ronn enger Woch huet de franséische President matgedeelt, datt Frankräich eng partiell Impfflicht aféiert. Bis Mëtt September soll d'Personal an de Spideeler an a Fleegeheemer, grad ewéi Aarbechtskraaft, déi a Kontakt mat Risikopatiente steet, Zäit hunn, fir sech impfen ze loossen. Duerno géing d'Impfflicht kontrolléiert an d'Verstéiss bestrooft ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung a Kenntnes vun dëse rezenten Entwécklungen? Wéi steet si dozou?
2. Wéi steet d'Regierung haut, ronn 6 Méint no der éischter Covid-Impfung zu Lëtzebuerg, zur allgemenger Impfflicht an zu enger Impfflicht am Gesondheets- a Fleegesecteur?
3. Lëtzebuerg huet e groussen Undeel u franséische Frontalieren, déi am Gesondheets- a Fleegesecteur schaffen. Wat bedeit dës Impfflicht a Frankräich also fir Lëtzebuerg?
4. Sinn d'Leit aus deem Secteur, déi a Frankräich wunnen, awer zu Lëtzebuerg schaffen, och un déi Impfflicht gebonnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten